ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

An den Alters- a Fleegeheemer sinn 345 Mënschen u Covid-19 gestuerwen. No de ville Verstuerwenen um Lauterbann ass vum Här Jeannot Waringo ee Rapport verfaasst ginn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wéi vill Infizéierter an Doudeger gouf et pro Heem?
2) Gëtt et een Zesummenhank tëscht den Inzidenzzuelen an dem Impftaux an engem Heem?
3) Den Här Waringo huet dovu geschwat, dass d'Personal an den Heemer sech zu engem groussen Deel net impfe gelooss huet, an hien huet preziséiert, dass et do grouss Ënnerscheeder gi jee no Wunnsëtzland vum Personal. Wéi vill Prozent vum Personal an den Alters- a Fleegeheemer sinn aktuell geimpft? Wéi héich ass den Impftaux beim Personal, opgeschlësselt no Alter, Geschlecht, Wunnsëtzland an Nationalitéit?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten